# Beetebuerger Theaterfrënn a.s.b.l.

Beetebuerg, Februar 2020

**Salut alleguer,**

Hei ass eng Theaternews fir de Mount Februar.

## Theater Fréijoer 2020

Mir spillen eng Krimi-Koméidi mam Titel **„Opreegung ëm den Inteweier“**, déi vum Monique Breisch iwwersat gouf. Regie maachen d'Julie Kayser, de Roland Gut an d'Françoise Scharpantgen. Et spillen: Bryan Fernandes, Sylvie Ewen, Lisa Foetz, Guy Langers, Jemp Mallinger, Anny Milmeister, Joëlle Muller a Michèle Schneider.

Mir spille folgend Datumer, déi dir iech scho kënnt opschreiwen:

- **Samschdes, den 9. Mee**
- **Sonndes, den 10. Mee**
- **Samschdes, de 16. Mee 2020**

Dat Ganzt gëtt mat enger Schmier zerwéiert. D'Spectateure kënnen decidéieren, op si eng Hamen- oder eng Kéisschmier wëllen. Samschdes gëtt et um 19 Auer z'iessen an um 20 Auer fält de Riddo a Sonndes spille mir um 16.30 Auer an et gëtt dono z'iessen.

**Mir zielen elo schonn op d'Hëllef vu JIDDERENGEM vun iech!**

Bei esou Soirée'en gi ganz vill Leit gebraucht, déi ronderëm hëllefen (Service, Buvette, Kees, Technik asw.) an ouni är Hëllef ass et net méiglech, dat ze organiséieren ☺ De Pascal Dopfeld këmmert sech erëm ëm d'Verdeelung vun de Chargen, hie wäert sech an deenen nächste Woche bei iech mellen.

President
Alain LILTZ
☎ 621 759 628

E-mail:
beetebuergertheaterfrenn@gmail.com

Vize-Presidentin & Sekretariat
Michèle SCHNEIDER
☎ 621 480 615

## <u>Aner wichteg Datumer fir sech opzeschreiwen</u>

→ Samschdes, den 28. Mäerz ass erëm **Grouss Botz** an der Gemeng. Treffpunkt ass um 10 Auer zu Beetebuerg beim Asazzenter. Mellt iech w.e.g <u>bis Samschdes, den 22. Februar</u> wann dir wëllt hëllefen, mir mussen eis nämlech umellen.

→ Sonndes, de 26. Abrëll wierke mir mat 4 Acteure beim **Concert „An 80 Minutten ëm d'Welt" vun der Beetebuerger Musek** mat. Dir sidd häerzlech invitéiert fir eis Acteuren an d'Musek kucken a lauschteren ze komme fir si ze ënnerstëtzen.

→ Am Juni wäerte mir erëm e Stand op der **Braderie** hunn. Et gëtt awer nach kee konkreten Datum.

## <u>Internetsäit</u>

De Comité huet decidéiert, dass mir eng Internetsäit fir eise Veräin wëlle kreéieren. Dësen ass och schonn online an heescht **btf.lu**. Momentan ass awer nach näischt drop, dat kënnt elo no an no. Mir halen iech um Lafenden, soubal se prett ass ☺

*Mat ganz léiwe Gréiss,*

*Fir de Comité,*

*Michèle*

President
Alain LILTZ
☎ 621 759 628

E-mail:
beetebuergertheaterfrenn@gmail.com

Vize-Presidentin & Sekretariat
Michèle SCHNEIDER
☎ 621 480 615